





SYNDICAT INTERCOMMUNAL POUR LA GESTION DES DÉCHETS

Am Hierscht 2020 huet de SIDE C an all senge Member-Gemengen, zousätzlech zu de bestoende Sammlunge vu Pabeier/Kartong a gemëschtem Hausmüll, eng Sammlung fir Biomüll an Huelglas doheem iwwert zweieredreg Dreckschëschtchen erméiglecht. Dës zousätzlech Offer un Dreckschëschtchen huet mat sech bruecht, dass d'Veerdeelung vun den insgesamt 169'184 Dreckschëschtchen an all de Member-Gemenge wéi follgend ausgesäit:






De SIDE C huet, wéi aner Secteuren och, mat de verschiddene Präisdeierechten aus de leschte Joren ze kämpfen, esou dass et net méi méiglech ass mat der Tarifikatioun, wéi se 2015 decidéiert ginn ass, déi lafend Käschte vun der Haus zu Haus Sammlung ze decken.

Dofir informéiert de SIDE C, dass ab dem **1. Juli 2024** nei Tariffer zur Sammlung vum gemëschtem Hausmüll doheem an der groer Dreckschëscht gëllen.

	Dreckschëscht	60 Liter	80 Liter	120 Liter	180 Liter	240 Liter	360 Liter	80 Liter (SIDE C Tut)
	Fix Käschte pro Joer (€)	137,60	169,60	235,20	324,80	392,00	531,20	-
	Käschte pro Eidelmaachen (€)	2,77	3,42	4,75	6,24	7,92	10,69	10,00

D'Tariffer fir déi separat Sammlung an der bloer Dreckschëscht (Pabeier/Kartong), grénger Dreckschëscht (Huelglas) a bronger Dreckschëscht (Biomüll) bleiwe jeeeweils gratis fir follgend Volumen:

Dreckschëscht	Gratis pro Joer
 Blo (Pabeier/Kartong)	1 mol 120 Liter Dreckschëscht Oder 1 mol 240 Liter Dreckschëscht
 Gréng (Huelglas)	1 mol 120 Liter Dreckschëscht
 Brong (Biomüll)	1 mol 60 Liter (méiglech Dreckschëschtchen sinn 60 Liter, 120 Liter oder 240 Liter)



SYNDICAT INTERCOMMUNAL POUR LA GESTION DES DÉCHETS

Bei zousätzlechen Dreckschëscht fir déi separat Sammlung vu Pabeier/Kartong an Huelglas oder zousätzlechem Volume fir de Biomüll fale follgend Käschten un:

Dreckschëscht	Tarif
Blo (Pabeier/Kartong)	120L Dreckschëscht: 12,00 € fir ee Joer, 240L Dreckschëscht: 24,00 € fir ee Joer
Gréng (Huelglas)	120L Dreckschëscht: 17,04 € fir ee Joer
Brong (Biomüll)	0.038€ pro Liter zousätzliche Volume pro Eidelmaachen



Weider Detailer sinn ze fannen am jeeweiligen « Règlement communal relatif à la gestion des déchets assurée par le Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets ménagers du nord et du centre, en abrégé SIDE C » dat vun der Gemeng publizéiert ass.